N° 5644
Reçue le 01.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.02.2022

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Februar 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Medien an Digitalisatioun weiderzeleeden.

Leit, déi am Internet fir d'éischte Kéier ee bestëmmte Sitt uklicken, ginn oft mat Pop-up-Fënschtere konfrontéiert, déi vun der betreffender Persoun eng Zoustëmmung zum Placéiere vu Cookien erfuerderen. Just ee klengen Deel vun de Leit wëssen awer, datt si mat hirer Zoustëmmung Drëttubidder een ëmfaassenden Aktivitéitstracing erméiglechen an datt Cookien empfindlech perséinlech Donnéeë vum Internet-Benotzer späichere kënnen. Obscho Cookië legal an technesch noutwenneg sinn, gesi Konsumenten- an Dateschützer dës Fichieren dowéinst mat gemëschte Gefiller

An deem Kontext hu mir folgend Froen und den Här Minister:

1) Wéi steet den Här Minister zur Iwwerleeung, datt den Asaz vu Cookien op europäeschem Plang misst reglementéiert ginn, fir d'Internet-Benotzer virun der Publicitéitsindustrie ze beschützen?
2) Geet den Här Minister dervun aus, datt et iergendwann misst méiglech sinn, d'Publicitéits- a Kontaktverfolgungsstrategie, déi hannert de Cookies stécht, duerch bezuelbar Abonnementer ze ersetzen?
3) Wat hält den Här Minister dervun, Cookië progressiv ganz ofzeschafen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser, Deputéierten

Roy Reding, Deputéierten